LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 16 DEC. 2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 15:06, 16/12/2020

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°3241 du 3 décembre 2020 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant une note de la direction du TICE concernant les chauffeurs, avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

Réponse de Monsieur François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, à la question parlementaire n° 3241 du 3 décembre 2020 de Monsieur le Député Marc Goergen, au sujet d'une note de la direction du TICE concernant les chauffeurs

1. D'Decisioun fir eng *Note de Service interne* un d'Mataarbechter beim TICE erauszeginn, wou d'Chaufferen gebieden ginn, no engem Schichtwiessel net méi als Bäifuerer vir beim Chauffer ze setzen, ass vun der TICE Direktioun getraff ginn, ouni den Mobilitéitsministere a Kenntnis ze setzen, well et eng reng intern Organisatiounsentscheedung um TICE ass, déi näischt mam Linnenverlaf oder der Taktverännerung ze dinn huet. D'Decisioun ass beim TICE getraff ginn och fir den Chauffeur an der Ausübung vun senger Aarbecht maximal ze schützen, well hien jo däerf ouni Mask fueren.

D'lëtzebuerger Douane huet bei enger Kontroll op der Escher Gare d'Direktioun vum TICE op de Problem opmierksam gemaach, datt Mataarbechter vum TICE sech vir am confinéierten Beräich vum Chauffeur géifen ophalen.

2. Fir d'Entreprisen vum RGTR Netz, sou wéi bei der CFL, treffen des Consignen net zou, wäll am Géigesaz zum TICE, e Fuererwiessel net op der Stréck stattfënnt. De Problem stellt sech also hei net.

3. Am Ufank vun der Pandemie ass decidéiert ginn, dat den Chauffeur am Bus soll maximal geschützt ginn. Dofir bleift d'Dier vir am Bus zou an déi éischt Setzreih gëtt gespaart fir d'Benotzer vum ëffentlechen Persounentransport. An enger zweeter Phase gouf decidéiert, datt de Chauffeur, vu que dat hien jo am confinéierte Beräich sëtzt, keng Mask méi brauch unzedoen wäll déi hien bei der Ausübung vun senger Aarbecht kéint negativ beaflossen.

4. D'Mitfahrt vun der Escher Gare bis bei den Dépôt vum TICE dauert knapp 10 Minutten an et besteet keng Gefor wann d'Chauffeuren am Passagéierdeel matfueren, wou all Mënsch eng Mask unhuet, am Géigesaz zum Chauffeursberäich, wou den Chauffeur ouni Mask fueren däerf. Des Decisioun ass am Averständnis vum « Délégué à la Sécurité » vum TICE geholl ginn.

Wéi aus enger weiderer *Note de Service interne* vum 8. Dezember 2020 un d'Mataarbechter beim TICE erfirgeet, huet d'Directioun – no Ofsprooch matt dem Aarbechtsdokter vun der Fonction Publique, mam Délégué à la Sécurité vum TICE, mam President vun der Personaldelegatioun sou wéi mam President vum Syndicat – d'Erlabnis ginn, dass d'Chauffeuren däerfen als Bäifuerer am confinéierten Beräich sëtzen, ennert der Konditioun, dass si e Mask unhunn, an de Chauffeur vum Bus eng Mask unhuet an dass si sech bei der Faart vun der Gare bis an den Dépôt op ee vun den zwee Sëtzer an der éischter Rei sëtzen.